# Règlement de fonctionnement interne (RFI)


1. **Regelen am Schoulalldag**
2. **Organisatioun an Uerdnung am Schoulgebai**
3. **Kommunikatioun**
4. **Evaluatioun**
5. **Stonnepläng**


*Mat dem Ausdrock „Enseignant“ sinn an dësem Reglement all déi Persoune gemengt – ob Mann oder Fra – déi an der Sonneschoul mat de Kanner schaffen.*

## 1. Regelen am Schoulalldag

**Bei Schoulufank am Cycle 1**

- D’Eltere kënne mat hire Kanner moies vu 7.40 Auer un a mëttes vun 13.35 Auer un an de Gank resp. an d’Klass erakommen.
- D’Kanner stellen hire Vëlo oder Kickboard direkt vir an d’Entrée vum Pavillon.
- D’Kanner kommen entweder mat den Elteren oder mat dem Enseignant vum Busarrêt an d’Schoul.
- Am Gank fueren d’Kanner net op hirem Kickboard, hirem Skateboard asw.
- Am Schoulgebai ginn d’Bäll am Grapp gedroen.

**Bei Schoulufank an de Cyclen 2-4**

- D’Enseignante bieden d’Elteren hir Kanner eleng an den Haff kommen ze loossen.
- D’Kanner verloosse viru Schoulufank de Schoulhaff net a spillen och net uewe virun der Schoul.
- Vun 10 Minutte viru Schoulufank un gëtt am Haff net méi mam Velo, Kickboard, Skateboard asw. gefuer. D’Kanner stellen hire Vëlo asw. ënnert de Préau.
- Vëloe ginn an de Vëlosstänner gestallt, Kickboarden asw. gi mat eran an de Gank virun de Klassesall geholl.
- All Klass mécht eng Rei beim Préau a geet zesumme mam Enseignant an d’Gebai eran.
- Den Enseignant, dee mat senger Klass als läscht an d'Gebai era kënnt kuckt, dass d'Dir hannendrun zou gemaach gëtt.
- Kickboards, Skateboards asw. ginn am Gank virun dem Fussballsvestiaire geparkt.
- Am Schoulgebai ginn d’Bäll am Grapp gedroen.
- Weder am Gank nach an den Trape gëtt gelaf.

**Während der Paus**

- Wa Paus ass, ginn d'Kanner beim Erausgoe resp. beim Zréckkommen an d'Gebai op d'Toilette.
- Wann e Kand an der Paus an d'Gebai eragoe wëllt, fir op d'Toilette ze goen oder fir eppes sichen ze goen (Ball, Sprangseel,…), freet et ee vun den Enseignanten am Haff ëm Erlaabnis.
- Während de Pause sinn d'Kanner am Schoulhaff, net am Schoulgebai.
- Si fuere während de Pausen net mat Vëloen asw.
- D'Kanner verloossen an der Paus de Schoulhaff net a spillen och net uewe virun der Schoul.
- Et ass verbuede mat Steng, Bengelen, Dännenzapen, Mulch asw. ze schéissen.
- Wa Schnéi läit, hänkt am Sall 005 e Schëld, dat de Kanner seet, ob mat Schnéiklatze geworf däerf ginn oder net.
- Wann e Ball op den Daach flitt, soen d'Kanner engem Enseignant Bescheed. D'Kanner däerfen net selwer op den Daach klammen.
- De Fussballsterrain däerf net bei schlechte Wiederconditioune benotzt ginn: am Sall 005 hänkt an der Fënster e Schëld, dat de Kanner seet, ob si op den Terrain goen dierfen oder net.
- Et gëtt ni Paus am Gank gemaach.
- D'Kanner däerfen an de Pausen net bis erof bei den Drot vun der Päerdswiss spille goen oder d'Päerd fidderen.
- Den Enseignant, dee mat senger Klass als läscht aus der Paus era kënnt kuckt, dass d'Dir hannendrun zou gemaach gëtt.

> En Enseignant stéiert zu all Moment Kanner, déi sech net u Regelen halen. Onofhängeg dovun ob se a senger Klass sinn an ob hie grad Surveillance huet.
>
> Et ass keng Regel, awer eng flott Sonneschoulgewunnecht, datt am Prinzip all d'Enseignanten hir Paus zesummen dobaussen am Haff verbréngen.

**An der Klass**

- *Keng Klass gëtt eleng gelooss, weder am Klassesall nach am Schoulhaff! Wann den Enseignant vun enger Klass bei Schoulufank net do ass, schwätze mir eis of, sou datt d'Surveillance vun alle Schüler garantéiert ass. Och beim Titulaire-Wiessel tëscht de Stonne „gi mir eis d'Klass an d'Hand".*
- An de Cyclen 2-4 muss all Kand dat an d'Schoul ka kommen, och mat an d'Sportshal oder d'Schwämm goen, och wann et aus gesondheetleche Grënn net um Turn- oder Schwammunterrecht Deel huele kann. D'Kanner däerfe net fir déi Zäit doheem bleiwen. Eenzeg Ausnahm: Kanner déi mat Kretsche musse goen. Fir dee Fall mussen d'Elteren eng Declaratioun ënnerschreiwen, déi seet, dass si d'Verantwortung fir d'Kand während der Zäit iwwerhuele, wou hatt doheem ass, amplaz an der Sportshal oder Schwämm.
- „Op d'Toilette goen" am Laf vun de Schoulstonne gëtt méiglechst op e Minimum reduzéiert. Et geet och ëmmer nëmmen ee Kand aus enger Klass op d'Toilette.
- Fir an de Klassesall ze goen doen d'Kanner Schlappen un.
- D'Kanner ginn net eleng an de Material-/Bastelraum Saache sichen a ginn och keng Kopië maachen.
- A senger Virbildfonktioun vis-à-vis vun de Kanner suergt den Enseignant dofir, datt net onnéideg Stroum verbraucht gëtt: Luten, Beamer, Overhead, CD-Player asw. ginn net onnéideg ugelooss.

- All Enseignant suergt dofir, datt bei Schoulschluss:
  - ✓ all Fënsteren (och d'Kippfënsteren) am Klassesall zou sinn,
  - ✓ d'Luten an d'Computeren aus sinn,
  - ✓ d'Still op de Bänke stinn,
  - ✓ de groussen Dreck um Buedem opgebotzt ass,
  - ✓ d'Schlappen um Briet stinn an net matten am Gank ronderëm leien,
  - ✓ d'Dir vum Klassesall zougespaart ass.
- Den Enseignant hält Kanner dozou un hir Jacketten, Turn- a Schwammkierf, Iesskëschten, asw. mat heem ze huelen.

**Surveillance**

- An der éischter Versammlung vun der ganzer Schouléquipe, wann d'Schouljoer ufänkt, gëtt e Plang fir d'Woch opgestallt an dem festgehale gëtt, wie wéini Surveillance hält. Dëse Plang gëllt fir d'ganzt Joer.
- De Surveillant suergt dofir, datt d'Regelen aus dem RFI agehale ginn.
- D'Surveillance gëtt gehalen:
  - ✓ moies um 07.40 Auer am Haff (fir de Cycle 2-4)
  - ✓ moies beim Bus um 07.40 Auer (fir de Cycle 1)
  - ✓ moies an der Paus
  - ✓ mëttes um 11.25 Auer (Cycle 1), um 11.45 Auer respektiv um 12.15 Auer beim Bus
  - ✓ um 13.35 Auer am Haff (fir de Cycle 2-4)
  - ✓ um 13.35 Auer beim Bus (fir de Cycle 1)
  - ✓ mëttes an der Paus
  - ✓ um 15.45 Auer beim Bus
- Wann d'Schoul aus ass, mécht de Surveillant an der Konferenz de Computer, den Drécker, d'Kopéiermaschinn an d'Kaffismaschinn aus, de Fax léisst en un. E mécht d'Fënsteren zou a späert d'Dier zou.
- Am Gank kontrolléiert en op d'Fënsteren an d'Entréesdieren zou sinn. E mécht och d'Luuchten op den Toiletten an am Gank aus.
- Wann en Enseignant, aus egal wat fir engem Grond, net mat Zäit op senger Surveillance ka sinn, muss en sech selwer drëms këmmere fir een ze fannen, dee seng Surveillace iwwerhëlt.
- Wann e Kand de Bus no der Schoul verpasst huet, ginn d'Elteren informéiert an d'Kand gëtt bei der Schoul vun engem Responsabele vum Kand ofgeholl. De Surveillant bleift esou laang beim Kand bis et ofgeholl ass. <u>Mir féieren esou Kanner op kee Fall heem!</u> Fir dee Fall läit e Classeur mat den Telefonsnummeren an Adresse vun alle Kanner an der Konferenz
- Wa Kanner virum  Appui Pédagogique nach eng Paus am Haff kréien, muss deen, deen den Appui hält, fir d'Surveillance vun dëse Kanner suergen.
- <u>Keng Klass gëtt eleng gelooss, weder am Klassesall nach am Schoulhaff: wann den Enseignant vun enger Klass bei Schoulufank net do ass, schwätze mir eis of, sou datt d'Surveillance vun alle Schüler garantéiert ass. Och beim Titulaire-Wiessel tëscht de Stonne „gi mir eis d'Klass an d'Hand".</u>
- Wann et vill reent, decidéiert all Enseignant selwer, ob e mat senger Klass eraus an d'Paus geet oder net. <u>Mir schwätzen eis an deem Fall ënnerteneen of!</u>
- En Enseignant, dee bei vill Reen mat senge Kanner eraus geet, obschon aner Enseignante mat hire Kanner am Schoulgebai bleiwen, hält selwer d'Surveillance am Schoulhaff. Den eigentleche Surveillant am Schoulhaff ass da vu senger Aufgab entbonnen.
- En Enseignant, dee bei Reen mat senge Kanner an der Klass bleift, hält selwer Surveillance a senger Klass.

**Am Fall vun engem Alarm**

- Wann de Feieralarm geet, verhält jiddereen sech roueg.
- D'Kanner stellen sech zu 2 an 2 bei der Dier op.
- Den Enseignant mécht Fënsteren am Sall zou.
- Den Enseignant hëlt de Regëster mat.
- Zesumme mam Enseignant geet d'Klass roueg bei den nächsten Noutausgang.
- D'Dier vum Klassesall gëtt zougemaach (net gespaart).
- Mir ginn net duerch Damp, Feier asw.
- Mir ginn Trapen net erop an net erof.
- All Klass geet op de Point de Rassemblement.
- De Sécherheetsdelegéierte kontrolléiert, ob d'Klassen all aus dem Gebai eraus sinn.
- D'Enseignante mellen eventuell Kanner déi net um Point de Rassemblement sinn beim Sécherheetsdelegéierten oder bei de Pompjeeën.
- Am Fall vun engem Alarm während der Paus, ginn d'Kanner, déi nach am Schoulgebai sinn, direkt eraus a ginn op de Point de Rassemblement vun hirer Klass; déi Kanner, déi am Schoulhaff sinn, ginn och direkt op de Point de Rassemblement vun hirer Klass.

**Sécherheet am Schoulgebai**

- Mir loossen d'Entrée vum Schoulgebai **ni** onbeopsiichtegt opstoen. (Och net bei Bilansgespréicher, Eltereversammlungen, etc.)
- Mir kontrolléieren, dass all Fënsteren an der Klass zou si wa mer Heem ginn, och iwwer d'Mëttesstonn.
- Mir spären de Klassesall all Kéiers zou, wa mer Heem ginn, och iwwer d'Mëttesstonn

**Eenheetleches an der Sonneschoul**

- An de Cycle 2 bis 4 benotze mir an de Fächer déiselwecht Faarwen fir z.B. d'Hefter:

| | | |
|---|---|---|
| Däitsch = rout | Franséisch = blo | Mathematik = gréng |

- Mir hunn e Sonneschoul-Logo a benotzen deen als Pabeierentête op eisem Courrier (Materiallëschte fir Schüler, Infoziedele fir Elteren, asw.).
- Mir loosse wichteg Infosziedelen (Sortien, Versammlungen, Visiten, asw.) vun den Elteren ënnerschreiwen.
- D'Enseignanten halen d'Schüler dozou un, gesond Pauseniessen a Gedrénks mat an d'Schoul ze bréngen.

## 2. Organisatioun an Uerdnung am Schoulgebai

**Uerdnung an der Klass**

- All Titulaire fëllt mat den Donnéeën aus de Questionnaire fir d'Elteren säi Regëster aus.
- Dëse Regëster muss ëmmer an der Klass bleiwen an all Intervenant an der Klass zu all Moment zougänglech sinn.
- Am Fall vun engem Feieralarm muss den Enseignant de Regëster mathuelen.
- An all Klass hänkt eng Lëscht mat dësen Informatioune vun all Kand:
  - ✓ Numm
  - ✓ Telefonsnummere vun de verantwortleche Persounen
  - ✓ ob et a wéini et an d'Kantin/d'Maison Relais geet
  - ✓ ob et an der Relioun oder Ethik ass
  - ✓ aner wichteg Informatiounen
- All Titulaire leet och eng Lëscht fir seng Klass an der Konferenz an eise Classeur mat den Telefonsnummeren an Adresse vun alle Kanner.

**Didaktescht Material / Lehrerdokumentatioun / Bastelmaterial / Kichematerial**

- Jiddwer Enseignant ass verantwortlech dofir, datt all Materialien, déi e benotzt, <u>nees zréck op hir richteg Plaz kommen</u>.
- Et gëtt an der Konferenz e Classeur an un de Schief hänke Lëschten op déi all Enseignant opschreift, wat hie wéini ausgeléint huet. Hie sträicht et duerch, nodeems en et zréck bruecht huet.
- All Enseignant ass matverantwortlech dofir, datt an der Konferenz, am Bastelraum, an der Kichen asw. Uerdnung bleift.
- An all Klass stinn de Schüler Bicher zur Verfügung, déi d'Kanner sech ausléinen dierfen. Den Enseignant féiert eng Lëscht iwwer déi ausgeléinte Bicher a suergt dofir, datt se nees a guddem Zoustand zréck an d'Schoul kommen.

**Verschidde Chargen am Schoulgebai**

- An der éischter Versammlung vun der ganzer Equipe beim Schoulufank ginn déi Verantwortlech fir verschidden Aufgaben bestëmmt, déi während dem Joer iwwerholl musse ginn.
  Zum Beispill:
  - ✓ Bréifboîte eidel maachen
  - ✓ no de Kopéiermaschinne kucken
  - ✓ d'éischt Hëllefskëschte kontrolléieren
  - ✓ Bibliothéik
  - ✓ Kichen
  - ✓ Bastelmaterial
  - ✓ fir Kopéierpapeier suergen
  - ✓ de Papeiercontainer eidel maache loossen
  - ✓ Responsabele fir d'Kontrakter vun den Ersatzenseignanten
  - ✓ ....

# 3. Kommunikatioun

| |
|---|
| Mir halen eis un de Secret Professionnel a sinn diskret am Ëmgang mat den Informatiounen, déi mer duerch eise Beruff kréien.<br>Bei wichtegen Themen gëtt et näischt, wat e Gespréich ënner 4 Aen ersetze kann! |

**Kommunikatioun ënnerteneen**

- Mir duzen eis ënnerteneen.
- Mir benotzen E-Mailen als séiert a séchert Kommunikatiounsmëttel ënnerteneen.
- All Enseignant liest a beäntwert regelméisseg seng E-Mailen (mindestens eemol den Dag).
- Mir passen drop op, ob eng Äntwert op eng E-Mail u jiddwereen oder nëmmen un den Absender goe soll.
- Mir gi regelméisseg an d'Konferenz op d'Pinnwand an an eis Case kucken, ob et wichteg nei Informatioune gëtt.
- Circulairen, déi an d'Klass kommen, gi méiglechst séier un de nächsten Enseignant weidergeleet.
- Iwwer all Versammlunge vun der ganzer Equipe a vum Schoulcomité gëtt e Rapport geschriwwen an un all Enseignant verschéckt.
- Bei Verspéidunge beim Bustransport oder bei Verspéidunge beim Retour vun enger Sortie informéiere mer d'Kollegen an der Schoul an de Surveillant beim Bus-Arrêt.
- Et soll ee probéiere fir all Dag kuerz an der Paus erauszegoen, well och hei dacks Saache kuerzfristeg ugeschwat ginn.
- Déi al an déi nei Enseignante vun enger Klass, déi an en anere Cycle kënnt, treffe sech virum Schoulufank, fir wichteg Informatiounen iwwer d'Kanner aus der Klass auszetauschen. Déi nei Enseignante kréien all wichteg Dokumenter (Evaluatiounen, Beobachtungen, Berichter, Rapporte vun Elteregespréicher, Elterebréiwer, Informatiounsziedelen, asw.) déi et iwwer d'Klass gëtt.
- Den zukünftegen Enseignant vum Cycle 2.1 besicht d'Kanner am Cycle 1 virun der Summervakanz an hirer Klass.

**Kommunikatioun no baussen**

- En Enseignant, dee krank ass, mellt sech beim Schoulservice of:
  - ✓ mueres tëschent 6.30 Auer a 6.45 Auer um 621 154 264
  - ✓ oder während dem Dag um 51 80 80 – 283/223/282
  - ✓ Ofmeldunge per E-Mail, SMS oder Mailbox ginn net ugeholl.
- En Enseignant, dee krank ass, informéiert och de Responsabele fir d'Kontrakter vun den Ersatzenseignanten an der Sonneschoul. E seet deem och, ob Surveillancen ersat musse ginn.
- D'Maison Relais kritt matgedeelt, wa Kanner wéinst Appui oder ausserschouleschen Aktivitéite méi spéit bei si kommen.
- All Enseignant mellt sech per Fax, E-mail oder Telefon bei der Firma Altmann, wann en e Bustransport fir eng Sortie brauch.
- All Enseignant mellt sech per Fax, E-mail oder Telefon bei der Firma Altmann, wann en e Bustransport eng Kéier net brauch (z.B. Bustransport fir an d'Schwammen oder d'Turnen).
- Mir mellen all Sortie (och déi zu Fouss am Duerf) beim Schoulservice un.

- Dës Leit gi bei engem Ausfluch, enger Visite, enger Kolonie oder soss enger Sortie informéiert:
  - ☑ de Schoulservice
  - ☑ den Inspekter
  - ☑ de Bustransport (Altmann)
  - ☑ de Surveillant am Bus
  - ☑ d'Maison Relais
  - ☑ Reliouns- an Ethikleit
  - ☑ d'Schwemm
  - ☑ de Centre d'Apprentissage
  - ☑ d'Leit vun der EMP
  - ☑ de Surnuméraire
  - ☑ den Enseignant vum Appui
- Bei engem Ausfluch, enger Visite, enger Kolonie oder soss enger Sortie kontrolléiert all Enseignant, ob e fir eng Surveillance ersat muss ginn, an en organiséiert en Ersatz. Hien deelt dem President vum Schoulcomité schrëftlech mat, wien déi betraffe Surveillancen iwwerhëlt.
- Eng Demande fir e Congé pour Convenance Personnelle riichte mer un den Inspekter a schécken eng Copie vun dem Accord un de Schoulservice.

**Kommunikatioun mat den Elteren**

| E regelméissegen, oppenen, frëndlechen an éierleche Kontakt mat den Elteren ass eng ideal Basis fir eng gutt Relatioun tëscht dem Léierpersonal an den Elteren. |
|---|

- Am Ufank vum Schouljoer gëtt an all Klass/all Cycle eng Informatiounsversammlung fir d'Elteren organiséiert.
- Eis Informatiounsziedelen huele Rücksicht op d'Sproocheverständnis vun den Elteren.
- Am Uffank vum Schouljoer ginn an all Klass dës Informatiounsziedele un d'Eltere verdeelt:
  - ✓ en Ziedel mat allgemengen Informatiounen iwwer d'Sonneschoul (gemeinsamt Dokument)
  - ✓ en Informatiounsziedel mat den Intervenanten aus der Klass a mat de Méiglechkeeten, wéi d'Elteren si kontaktéiere kënnen.
  - ✓ de Schwammkalenner
  - ✓ e Stonneplang mat deene Stonnen, déi all Woch d'selwecht sinn
  - ✓ e „Questionnaire pour le relevé des élèves" an eng Fiche Médicale. Dës Questionnaire sinn an all Klass déi selwecht. D'Eltere fëllen en all Joer nei aus.
- D'Eltere gi bei all Aktivitéit, déi ausserhalb vum Klassesall oder ausserhalb vum Horaire ass, oder bei soss speziellen Evenementer schrëftlech informéiert.
- Mir loossen all Informatiounsziedel vun den Elteren als Bestätegung ënnerschreiwen a kontrolléieren dëst an der Klass.
- Ausser den Informatiounsziedele vun der Klass resp. der Schoul deele mer de Kanner an der Schoul nëmmen Infosziedelen aus, déi den Accord vum Schoulservice hunn.
- Um Enn vun all Schouljoer kritt all Kand eng Lëscht mat heem, ob där steet, wat fir e Material et d'nächst Schouljoer brauch. Eng Kopie vun der Lëscht kritt de Schoulservice.
- Mir passen drop op, datt bei Kanner vu getrennten Elteren d'Mamm an de Papp all néideg Informatioune kréien an och allen zwee an d'Elteregespréicher invitéiert ginn (wa néideg a getrennte Gespréicher).
- Mir accordéiere keng Absencen direkt virun oder no enger Vakanz.

# 4. Evaluatioun

- D'Eltere kréien an der Versammlung am Schoulufank déi néideg Erklärungen iwwer d'Evaluatiounsmethoden, déi benotzt ginn.
- All Enseignant gëtt den Eltere am Laf vum Trimester regelméisseg Réckmeldungen iwwer d'Entwécklung vun hirem Kand.
- Mir benotzen an de Cyclen 2-4 ähnlech Tableauën als Evaluatiounsinstrument fir dës Réckmeldungen (Diagramm mam Kräiz um Feil).
- Mir invitéiere wann néideg d'Eltere vun engem Kand op e perséinlecht Elteregespréich.
- Iwwer all Elteregespréich gëtt e klenge Rapport geschriwwen. Mir benotzen dofir eis gemeinsam Virlag.
- Mir invitéieren d'Kanner fir bei de Bilansgespréicher dobäi ze sinn.
- An de Bilansgespréicher kréien d'Elteren d'Bilane gewisen a mir ginn déi néideg Erklärungen dozou.
- D'Elteren huelen de Bilan nom Gespréich mat heem fir en nach eemol ze kucken a ginn en dann ënnerschriwwe mat zréck an d'Schoul.

## 5. Stonnepläng:

**Um Niveau vun der Gemeng**

- De RECOBE stellt d'Basis vun de Stonnepläng op fir all Klass aus der Gemeng. Hie koordinéiert d'Reliouns- an d'Ethiksstonnen, d'Turnen an d'Schwammen an hält alles a Stonnepläng fest.
- Dës Stonnepläng kritt all Enseignant virun der Klassewiel matgedeelt.
- D'Reliouns- an d'Ethiksstonnen, de Schwammunterrecht an den Turnunterrecht leien deemno am Ufank vum Schouljoer fest a kënne net méi geréckelt ginn.

**Um Niveau vun der Schoul**

- All Joers, no der Klassewiel, trëfft sech déi ganz Equipe aus der Sonneschoul fir mat der Organisatioun vum nächste Schouljoer unzefänken. Dës Punkte ginn, esou wäit wéi et dee Moment méiglech ass, gekläert:
  - ✓ Wéi vill Déchargestonnen huet all Enseignant zegutt?
  - ✓ Hält en Enseignant seng Déchargestonne vläicht gär selwer, eventuell als Iwwerstonnen?
  - ✓ Wéi eng Fächer gëtt jiddwereen of?
  - ✓ Wéi vill Stonne Surnuméraire brauch all Cycle?
  - ✓ Wéi vill Stonnen Appui brauch all Cycle?

**Um Niveau vum Cycle a vun der Klass**

- All Equipe Pédagogique setzt zesumme mat deem/deene Leit deen/déi den Appui en Classe an d'Surnumérairestonnen hält/halen hir Stonnepläng op. Et gëtt festgehalen, wien wéini an de verschiddene Klassen aus engem Cycle intervenéiert.
- Den Enseignant decidéiert zesumme mat senge Partner aus dem Cycle (a wa néideg an Zesummenaarbecht mat dem Centre d'Apprentissage) wat fir Fächer an deene verschiddene Stonne gehale ginn.
- D'Stonnepläng gi schrëftlech festgehalen a vum Coordinateur de Cycle un de Schoulservice, de President vum Schoulcomité an un de Responsabele vum Centre d'Apprentissage weidergeschéckt.
- De Centre d'Apprentissage kritt esou fréi wi méiglech d'Stonnepläng vun all Klass matgedeelt, och wa se nëmme provisoresch oder nach onkomplett sinn.